## Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

# News

## [29.1.2021 Lydie Polfer (DP) : Ganz vill Nimm vun de Stroossen sinn dach op Lëtzebuergesch]

29 **Jan** *2021*

(comments: 0)




Gëschter an der Chamber hat de Fred Keup am Numm vun der ADR eng Motioun eraginn, fir méi Lëtzebuergesch em ëffentleche Raum.

Dat ass genau eng vun de Fuerderungen, déi de Wee2050 zënter 2015 huet: "2.1. D'Lëtzebuerger Sprooch muss prioritär präsent sinn op den Internetsäite vu Gemengen a Staat, Stroosseschëlter a Panneauen."

Merci Fred fir däin Asaz fir d'Ziler vum Wee2050!

Domat wëlle mir de Stellewäert vun eiser Sprooch stäerken an den Auslänner a Nei-Lëtzebuerger hëllefen, besser Lëtzebuergesch ze léieren an ze üben!

D'Stater Buergermeeschtesch Lydie Polfer (DP) huet op déi Motioun geäntwert: Ganz vill Nimm vun de Stroossen sinn dach op Lëtzebuergesch.

Firwat? Wou ass de Problem fir der méi op Lëtzebuergesch ze maachen?

Read more … 29.1.2021 Lydie Polfer (DP) : Ganz vill Nimm vun de Stroossen sinn dach op Lëtzebuergesch

## 28.12.2020 Och beim Staat ginn ëmmer méi Leit agestallt déi KEEN Lëtzebuergesch kënnen.

04 **Jan** *2021*

(comments: 0)

Och beim Staat ginn ëmmer méi Leit agestallt déi KEEN Lëtzebuergesch kënnen.

De Deputéierten Fred Keup huet dat nogefrot bei der Regierung: https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Recherche/RoleDesAffaires?action=doQuestpaDetails&id=20179

D'Äntwert ass: Vun 2.072 neien Ugestallten beim Staat konnten der 220 keen Lëtzebuergesch.

Sou huet et virun 30-40 Joer och am Privatsektor ugefaangen! Souguer 28 Lëtzebuerger(!) kruten eng Sproochendispens, déi meescht dovun well se KEEN Lëtzebuergesch kënnen! Duerch dat neit Nationalitéitegesetz kann een jo Lëtzebuerger ginn ouni Lëtzebuergesch ze kënnen. #MirSchafenEisOf

Read more … 28.12.2020 Och beim Staat ginn ëmmer méi Leit agestallt déi KEEN Lëtzebuergesch kënnen.

## 13.12.2020 Keen schwätzt Lëtzebuergesch. Kuckt!

13 **Dec** *2020*

(comments: 0)

Lëtzebuerg, Dezember 2020:

Keen een schwätzt Lëtzebuergesch.

Si schwätzen all Franséisch.

Ass dat d'Realitéit?

https://www.rtl.lu/news/national/a/1629365.html

#MirSchafenEisOf

Read more … 13.12.2020 Keen schwätzt Lëtzebuergesch. Kuckt!

## 10.12.2020 Frankophoniséierung geet weider. Beim Tram muss een just Franséisch kënnen

10 **Dec** *2020*

(comments: 0)

Soss war et ëmmer ee Virdeel eis dräi Sproochen ze kënnen, elo muss ee nëmme gutt Franséisch kënnen beim Tram.

Da heescht am Kloertext: D'Lëtzebuerger an déi däitsch Grenzgänger ginn diskriminéiert well si net esou gutt franséisch kënnen a nëmmen Frankophoner ginn agestallt ouni iergendwellech Sproochekenntnisser.

A mir Idioten sinn da forcéiert Franséisch mat deenen ze schwätzen, well déi soss näischt kënnen an och net musse léieren.

#MirSchafenEisOf

Read more … 10.12.2020 Frankophoniséierung geet weider. Beim Tram muss een just Franséisch kënnen

## 3.12.2020 Interview vum Guy Kaiser mam President vum Wee2050, Tom Weidig, iwwert eis Sprooch

03 **Dec** *2020*

(comments: 0)

"D'Lëtzebuergescht, bald eng langue morte?!"

Interview vum Guy Kaiser mam President vum Wee2050, Tom Weidig, iwwert eis Sprooch

https://guykaiser.lu/dletzebuergescht-bald-eng-langue-morte/

Read more … 3.12.2020 Interview vum Guy Kaiser mam President vum Wee2050, Tom Weidig, iwwert eis Sprooch

Page 1 of 65

- 1
- 2
- 3
- 4
- 5
- 6
- 7
- Next
- Last »